N°3928
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.04.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

Déi staark Hausse vun den Energie- a Pëtrolspräisser trëfft d'Lëtzebuerger Landwirtschaft an enger besonnesch sensibeler Phas. Aktuell ass d'Period an där d'Felder preparéiert, gedüngt a geplout ginn, wat mat engem héije Verbrauch un Agrardiesel verbonnen ass. Déi aktuell Präisentwécklung huet domat en direkten Impakt op d'Käschtestruktur an d'Rentabilitéit vun de landwirtschaftleche Betriber.

A Frankräich gouf eng Exoneratioun vun den Accisen op de „gazole non routier" agefouert. An der Belsch gouf decidéiert, zousätzlech Steierrecetten aus der Hausse vun den Energiepräisser a Form vu geziilten Hëllefen un déi betraffe Secteuren zeréckzeginn. Den iresche Landwirtschaftsministère ënnerstëtzt seng Baueren a Fëscher mat engem Hëllefsprogramm am Wäert vun 100 Milliounen Euro.

Wärend an anere Länner also konkret Moossname geholl goufen, stoung an der Lëtzebuerger Dagespress: "*Momentan hat das Landwirtschaftsministerium in Luxembourg keine Entlastungsmaßnahmen für Agrardiesel/Landwirte geplant.*"[1]

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch erklären, wisou si trotz der aktueller Präisentwécklung kuerzfristeg keng Moossname virgesäit, fir d'Baueren am Kontext vun den héije Pëtrolspräisser z'entlaaschten?
- Wéi steet d'Madame Ministesch zu enger temporärer Steiererliichterung oder zu anere Forme vu Kompensatioun fir Agrardiesel zu Lëtzebuerg, analog zu de Mesuren a Frankräich?
- Wéi schätzt d'Regierung den Impakt vun den rezente Präiserhéijungen op d'Rentabilitéit vun de landwirtschaftleche Betriber zu Lëtzebuerg an?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

Ben Polidori
Deputéierten

[1] Meng, Marco. (14.04.2026). "Der hohe Dieselpreis macht den Bauern zu schaffen." *Luxemburger Wort.*



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3928 vun den éierewäerten Deputéierten Claire Delcourt an Ben Polidori**

**1) Kann d'Madamm Ministesch erklären, wisou si trotz der aktueller Präisentwécklung kuerzfristeg keng Moossname virgesäit, fir d'Baueren am Kontext vun den héije Pëtrolspräisser z'entlaaschten?**

De Ministère a seng Verwaltungen analyséieren am Moment d'Entwécklung vun de Pëtrolspräisser an den Impakt op d'Wirtschaftlechkeet vun de Betriber.

**2) Wéi steet d'Madame Ministesch zu enger temporärer Steiererliichterung oder zu anere Forme vu Kompensatioun fir Agrardiesel zu Lëtzebuerg, analog zu de Mesuren a Frankräich?**

An verschiddenen Nopeschlänner ass den Taux vun den Akzise um Agrardiesel erofgesat ginn. Den Diesel fir landwirtschaftlech Aktivitéiten ass zu Lëtzebuerg integral vun den Akzisen op Brennstoffer an vun der CO2- Steier befreit. Dofir ass eng Steiererliichterung, anescht wéi an den Nopeschlänner, net méiglech.

**3) Wéi schätzt d'Regierung den Impakt vun den rezente Präiserhéijungen op d'Rentabilitéit vun de landwirtschaftleche Betriber zu Lëtzebuerg an?**

De Präis vum Agrardiesel ass vum 1. Januar 2026 bis den 28. Mäerz 2026 ëm 95% geklommen. Par Rapport zu 2024 ass e bis den 28. Mäerz 2026 em 60.4% geklomm.

Unhand vum SER-Testbetribsnetz u Buchführungsbetriber kënne mer ofschätze wéi een Undeel d'Käschte vun den Treib- a Schmierstoffe un de gesamte Betribskäschten ausmaachen. An der Moyenne waren dat 2024, mat 12.500 Euro, ronn 3% vun de Gesamtkäschten.

Wa mir vun enger 60.4% Erhéijung par Rapport zum Joer 2024 ausginn, hätte mer hei Méikäschte vu ronn 7.550 Euro, virausgesat, datt déi selwecht Mengen agesat goufen an d'Präisser vu sämtlechen Treib- a Schmierstoffe sech genausou entwéckele wéi de Präis vum Agrardiesel, dee vun dësem Posten de Groussdeel ausmëscht.

D'Ordentliches Ergebnis louch 2024 bei ronn 85.300 Euro pro Betrib (61.900 Euro jee Familljenaarbechtskraaft). Wann alles anescht gläich géif bleiwen, géifen déi Méikäschte vu 7.550 Euro pro Betrib deemno e Réckgang vum Ordentlichen Ergebnis vu ronn 9% bedeiten.

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau